N°2195
Entrée le 04.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.04.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/04/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An Däitschland huet d'Verkéiersministesch-Konferenz rezent op déi héich Käschte vun der Führerschäinausbildung reagéiert an effektiv Moossname gefuerdert fir dës Käschten anzedämmen. Laut däitsche Medie kann e Führerschäi bis zu 4.500 Euro kaschten, an d'Zil wier et, dës Käschten op 2.000 bis 3.000 Euro ze reduzéieren. Als eng vun de Léisunge gëtt d'Reduktioun vun den Duerchfallquoten an der Theorie proposéiert, souwéi den Asaz vu Fuersimulatoren an der Praxis.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi héich war 2024 d'Duerchfallquot bei der theoretescher Führerschäinsprüfung zu Lëtzebuerg?
2. Wéi héich war 2024 d'Duerchfallquot bei der praktescher Führerschäinsprüfung, a wéi oft falen d'Kandidaten duerch?
3. Ginn et Iwwerleeungen, fir d'Käschte vum Führerschäin ze reduzéieren, änlech wéi een dat elo an Däitschland proposéiert?
4. Gëtt iwwert de Potenzial vun digitalen Hëllefsmëttelen an der Führerschäinausbildung, wéi z.B. duerch Fuersimulatoren, nogeduecht?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten